

Am Kader vun der Initiativ



Lancéiert den SNJ den APPEL A PROJETS:

“GITT DOBAUSSEN AKTIV”

Kanner a Jugendlech sollen sech méi beweegen. Vill vun hinne verbréngen e groussen Deel vun hirer Zäit am Sëtzen an zouene Raim. Dës Entwécklung ass net nei, mee gouf duerch d’Pandemie sécherlech nach verstärkt. Dowéinst ass et un eis, d’Kanner a Jugendlech grad elo mat flotten Offeren an Iddien ze motivéieren, an hirer Fräizäit méi eraus ze goen. Aktivitéiten dobausse sinn ëmmer an zu all Joreszäit méiglech. Nom Motto „Et gëtt kee schlecht Wieder, et gëtt just déi falsch Kleedung!“ ass een net op déi schéin a sonnig Deeg ugewisen.

An dëser Phas mat villen Aschränkunge fir d’Kanner an déi Jonk kënnen mir sou ee groussen Bäitrag zu hirem Wuelbefanne leeschten. Dobausse sinn erlaabt de Kanner a Jugendlech, eng Rei Erfarungen ze maachen, déi dobannen net méiglech sinn. Dobausse kënnen si sech fräi spieren an, ganz am Sënn vun der non-formaler Bildung, hire Fuerscherdrang ausliewen. Souwuel an der gebauter wéi och an der natierlecher Ëmwelt gëtt et vill ze beobachten an ze entdecken, wat si zu neien Iddien inspiréiere kann. Mat de verschiddenste Materialie kënnen Kanner a Jugendlecher experimentéieren, Iddien ausprobéieren a sou hirer Kreativitéit a Fantasie fräie Laf loossen. Dat suergt fir Spaass an Ofwiesslung an hirer Fräizäitgestaltung.

Am Kader vun der Initiativ „Dobaussen aktiv“ lancéiert den SNJ dësen Appel à projets. Gesicht ginn innovativ Iddie fir Projeten, déi d’Méiglechkeeten an d’Potential vum Dobaussen notzen, de Kanner a Jonken Ureegungen a Spaass bidden an si motivéieren, vill Zäit am Fräien ze verbréngen. Des Projete kënnen souwuel am Beräich Beweegung, wéi och Kreativitéit oder Experimentéieren an Entdecke sinn.

Sidd Dir eng Crèche, eng Maison Relais, e Jugendhaus oder e Jugendservice a schwätzt dësen Appel à projets lech un? Da fëllt w.e.g. de Formulaire an der Annex aus a schéckt dëse bis den 9. Abrëll 2021 un nadine.reinesch@snj.lu (enfance) an un manon.assa@snj.lu (jeunesse). De Projet leeft vu Mee bis November 2021. Mir wielen aus all den ageschéckte Proposen ee Projet vun enger Crèche, enger Maison Relais an engem Jugendhaus/Jugendservice aus, déi mir finanziell a pedagogesch ënnerstëtzen. Krittäre fir d'Selektioun sinn, datt de Projet innovativ ass, d'Kanner an déi Jugendlech aktiv an de Projet agebonne sinn an datt en och aner Strukturen inspiréiere kéint (Multiplikatoreneffet).

Mir freeën eis elo schonn op Är Projetsiddien a mellst lech gär bei eis, wann Dir Nofroen hutt!

Weider Detailer zu der Initiativ "Dobaussen aktiv" fannt Dir um
<https://www.enfancejeunesse.lu/news>.

